

Réunioun mat de Veräiner

Ënnert Berécksiichtegung vun de néidege Schutzmoosname wéinst dem Covid-19 waren de 14. Oktober eng knapp 40 Veräinsvertrieder dem Opruff vun den zwee Schäffen- a Gemengeréit nokomm, an haten sech am Centre « Weihersäift » fir een Diskussiounsowend afonnt.

No der Aféierung duerch déi zwee Buergermeeschteren haten d'Responsabel vun de Veräiner d'Méiglechkeet, fir sech zur geplangter Fusioun vun den zwou Gemengen ze äusseren.

Nieft villen encouragéierende Wierder aus dem Publikum goufen et natierlech och méi kritesch - oder besser gesot méi skeptesch - Stëmmen zum Thema Gemeengefusioun.

Mat Assistenz vum Thomas Schlicher (Bureau CO3) hunn d'Politiker versicht, op all Fro eng passend Äntwert ze ginn an op d'Ängschten a Bedenke vun de Leit anzegoen. Verschidde Mëssverständnissener konnten esou och aus dem Wee geraumt ginn.

Dës Versammlung war den Ufank vun enger Informatiounscampagne, déi an de nächste Wochen a Méint nach méi intensiv a méi breet mat de Bierger*inne wäert gefouert ginn, dëst am Hibleck op de Referendum am Fréijoer 2021.

Réunion avec les associations locales

Sur invitation des deux collèges échevinaux et conseils communaux de Grosbous et de Wahl, et en respect des mesures sanitaires en relation avec le Covid-19, quelque 40 représentants des clubs et associations locaux s'étaient réunis en date du 14 octobre pour une soirée de discussions au centre « Weihersäift » à Grosbous.

Après une brève introduction par les deux bourgmestres, les représentants des associations ont eu l'occasion de se prononcer au sujet du projet de fusion des deux communes.

A part les nombreuses réflexions encourageantes, des positions plus critiques - ou disons plutôt sceptiques - par rapport à la fusion des communes ont été exprimées.

Les responsables politiques, assistés par Thomas Schlicher (Bureau CO3), ont tenté de donner une réponse appropriée aux questions posées et de réagir sur les doutes et craintes des gens. Certains malentendus ont ainsi pu être écartés sur le champ.

Cette réunion fut le début d'une campagne d'information moyennant laquelle tous les citoyens auront la possibilité de se familiariser avec ce sujet, ceci en vue du référendum en printemps 2021.

(C. Stein)